ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. November 2017

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Personalproblematik bei der POST, huet d'Bréifdréieschgewerkschaft méi wéi eemol probéiert, den Dialog mat der Regierung ze sichen. D'POST ass konfrontéiert mat engem Manktem u Bréifdréier, woufir systematesch op Iwwerstonnenaarbecht zréckgegraff gëtt. Ee vun de Grënn, firwat d'POST net genuch Personal huet, ass deen, datt neiagestallte Bréifdréier mam Statut vum Salarié net vill méi wéi de Mindestloun verdéngen, wat déi Leit demotivéiert an dozou verleet, sech no kuerzer Zäit nees eng aner Aarbecht ze sichen. Déi Situatioun bei der POST ass den Ament op villen Ebene problematesch, wat sech onweigerlech negativ op d'Qualitéit vum Post-Service auswierkt, wouduerch och de Klient, also de Lëtzebuerger Bierger, onzefridden ass, wat e schonn dacks zum Ausdrock bruecht huet.

Opgrond vun dësen Ëmstänn wéilt ech dem Här Verdeedegungsminister folgend Froe stellen:

1. Ass den Här Minister der Meenung, datt d'POST nees d'Bréifdréier exklusiv aus de Reie vun der Arméi mam Statut vum Fonctionnaire bei der POST rekrutéiere kéint?
2. Ass den Här Verdeedegungsminister der Meenung, datt dëst de Fräiwëllegendéngscht an der Arméi nees géing méi attraktiv maachen?
3. Ass de Verdeedegungsminister net och der Meenung, datt de Rekrutement iwwer d'Arméi nees zu méi Qualitéit a Fiabilitéit bei der POST féiere géing?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten